



N° 5536
Reçue le 21.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.01.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°3754 an 3444 vum leschte Joer hat de Minister mir Detailer zu der Rekrutementsprozedur bei der Police geliwert.

A senger Äntwert op d'Fro n°3444 hat de Minister bestätegt, dass eng Rei Kandidaten eng Reklamatioun bei der Generalinspektioun vun der Police (IGP) agereecht hunn, well si Problemer bei der Rekrutementsprozedur festgestallt hunn. Mir ass zu Ouere komm, dass d'IGP an deem Zesummenhang eng Enquête administrative ofgeschloss huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister dës Enquête, an anonymiséierter Form, verëffentlechen? Falls nee, firwat net?
2. Kann de Minister der zoustänneger Chamberskommissioun Abléck an dës Enquête ginn? (am Aklang mam Arrêt "*Clement*" vun der Cour Administrative vum 26te Januar 2021)
3. Wéi steet de Minister generell zu enger anonymiséierter Verëffentlechung vun esou Decisioune vun der IPG, esou wéi et och bei den Urteeler vun der Justiz gemaach gëtt?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu